GEMENG JONGLËNSTER

Réunion 11/2024

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Rapport de la réunion du 17.09.2024**

Lieu de réunion : Café de la Gare, Gonderange **à 18:45 H**
Début de la réunion : 19:00 H
Invitée : **Pol Strauss (Klima-Bündnis)**
**Martin Schmitt (Energieberoder bei der Klima-Agence)**
**Monique Leffin**

## Ordre du jour :

1. Compte Rendu vum 27.08.2024
2. Begréissung duerch de Gemengevertrieder
3. D'Versammlung vun der Energiekarawann gëtt ofgehalen vum Här Paul Strauss vum Klimabündnis an dem Här Martin Schmitt (Energieberoder).
4. Divers

## ***1. Rapport Reunioun***

De Rapport vun der leschter Reunioun vum 27.08.2024 ass ugeholl ginn.

### ***2. Begréissung duerch de Gemengevertrieder***

D'Begréissungswierder vum Owend huet den Ëmweltschäffen, den Här Raphaël Schmitz un ons geriicht.

## ***3. Versammlung vun der Energiekarawann***

Den Här Pol Strauss vum Klima-Bündnis huet a senger Ried erkläert wat d'Energiekarawann ass. Ziel ass et duerch dës Informatiounscampagne d'energeetesch Sanéierung vun den Haiser ze vereinfachen. Hien huet betount, dass d'energeetesch Sanéierung d'Schlësselelement vun der nohalteger Transitioun ass an dass et d'Gemeng ass, déi dee Service vun enger gratis Energieberoder ubitt.
Weider huet hien erkläert, wat an de nächste Wochen wärend der Energiekarawann geschitt a wéi den Oflaf ass.

Dono huet den Här Martin Schmitt (Conseiller en transition énergetique durable) ons duerch eng Power Point gefouert.

D'Klima-Agence ass en Dëngschtleeschtungsservice. Deen Service ass onofhängeg a gratis. E gëtt zesumme mat de Gemenge fir d'Bierger organiséiert en ëmgesat.
Mir kruten Erklärunge wéi de Besuch fir d'Berodung ofleeft, och de Programm vun de Subventiounen a wien vum Klimabonus profitéiert.

Wann et zur Renovéierung kënnt, si verschidde Schrëtter wärend den Aarbechten der Rei no ze respektéieren.

1. Energieberodung an Demande
2. Isolatioun
3. Thermesch Solar Energie
4. Photovoltaik Anlag
5. Installatioun vun Heizsystemer
6. Mazout-Ersatzprogramm
7. Technesch Installatiounen

Dono huet den Här Schmitt ons nach erkläert, wat méiglech ass fir e Kredit fir eng Sanéierung ze kréien. (z.b.Garantie iwwer de Stad)
Ënner dem Link vun https://aides.klima-agence.lu fënnt een e Simulator vun den Hëllefe bei der Klima-Agence.
Dann gëtt et e weidere Link fir e Renovéierungs-Simulator: https://renover.klima-agence.lu

Fir weider Froen an Äntwerten: Question@klima-agence.lu

## ***4. Divers***

No der Versammlung hu mir ons nach zesumme gesat fir ons wärend de nächste 5-7 Wochen opzedeelen. Zu 2 an 2 gi mir am Zielquartier zu Gonnereng bei d'Awunner schellen a froen op si un enger gratis Energieberodung fir eng Sanéierung interesséiert sinn.

Eis nächst Reunioun ass en Donneschdeg, den 10.10.2024 um 19.00 an der Buvette "Op Fréinen"

Mat frëndleche Gréiss.

Christiane Degraux
Sekretärin

Boden Jean
President